VIRTUELL Editioun vom 24 Stonnen Vëlo Wëntger 2022: Informatiounen an Reglement

Wini?
Den 22. Juli 2022 ab 20h00 bis den 23. Juli 2022 20h00.

Ween kann matmaan?
Jiddereen kann matmaan, dem Alter sënn keng Grenzen gesat.

Wéi kann een matmaan?
Der kënnt als Eenzelfuerer matmaan oder als Team (ab 2 Persounen), z.Bsp mat der Aarbicht, als Altersheem, als Sportsclub, ënnert Kollegen,… Opgepasst: Et ginn keng Kategorien an och kengt Klassement.

Wou kann een matmaan?
Der kënnt är Kilometer fueren wou Der wëllt (natirlich ënnert den zu deem Zäitpunkt gëllenden Hygiensmoossnamen). Samsdes stellen mer zwou autofräi Strecken zur Verfügung. (Méi Infoen dozou fannt Der méi ënnen am Dokument.)

Waat fir Vëlo'en sënn erlaabt?
All Form von Vëlo, op Coursevëlo, Mountainbike, E-Bike, Lafrad, Hometrainer,...

Waat ass d'Ziel?
Zesummen souvill Kilometer wéi méiglich ze maan, während deenen 24 Stonnen an daat fir deen gudden Zweck.

Wéi gëtt deen gudden Zweck ënnerstëtzt?
Mer sënn iwerzeecht datt Der ganz vill Kilometer wert drécken an mer als Verein „Vëlo Wëntger A.s.b.l." ginn pro Kilometer 0,10€. Mee och Der kënnt zousätzlich Don'en sammlen, andeems der Legd fannt, déi Eech Är Kilometeren sponsoren.

Wéi genau kann een als Cyclist Don'en sammelen?
Et ass sécherlich eng zousätzlich Motivatioun wann een Bekannter fënnt déi een sponsoren, sief daat als kleng Spend pro Kilomter déi een selwer fiert oder einfach een Don als Ënnerstëtzung. Mer stellen Eech een Formular zur Verfügung, deen Der eis ausgefëllt bis spéitsdens den 22.07.2022 musst zréckschécken. Spéider kontaktéieren mer Är Sponsoren fir d'Don'en anzesammlen.

Fir ween ass den Don?
Eisen Don, souwéi är gesammelt Spenden ginn integral gespent un:

KANNER wonsch

Sie erfëllen Kanner mat enger schwéierer Krankheet Wënsch, fir hinnen Hoffnung, Kraaft an Liewensfreed ze schenken.

www.wonsch.lu

Kann een och einfach sou een Don maan?
Natirlich kann een dësen Event och einfach sou ënnerstëtzen, andeems een een Don op eisen Konto mecht, deen natirlich herno integral mat op den Chèque gesat gëtt.

Eis Kontosnummeren:

24 Stonnen Vëlo Wëntger
BCEELULL LU83 0019 2655 5601 8000
CCRALULL LU05 0090 0000 0723 2523
BILLLULL LU66 0024 3101 0294 3300

Vermierk „Don 24h Vëlo Wëntger 2022“.

Muss een sech umellen an kast et eppes?
Jo, mellt Eech w.e.g. per Email un op velo@wincrange.lu. D'Umellung ass gratis. Et ass fir eis een Iwwerbléck ze verschaffen. Ausserdeem krëtt Der een Dossard gemailt fir doheem rauszeprinten. Deen soll mat op Der Foto sënn, déi Der eis mam Resultat raschéckt.

Wéi deelt een eis seng gefueren Kilometer mat?
Schéckt eis w.e.g. eng Foto/Screenshot von ärem Kilometerzähler, ärer App,… mam Dossard drop ran. Wann Der keng sou Technik zur Verfügung hodd, dann eben just d'Kilometerzuel mat ärem Numm. Mer vertrauen do op är Éierlichkeet, et ass fir den gudden Zweck an keng Course. Schéckt eis dëst w.e.g sou schnell et geet an bis spéitsdens Samsdes, den 23.07.22 20h00 ran.

Mail: velo@wincrange.lu
Whatsapp/Sms: +352 621 166 551
Facebook-Message / Instagram

Waat geschickt mat den Fotoen déi rageschéckt ginn?
D'Fotoen ginn op eisem Facebook- an Instagram-Account souwéi an den Livestreamen gewisen. Wann Der daat nik wëllt, muss Der eis daat dee Moment wou Der eis d'Foto schéckt matdeelen! Jiddereen hëllt mat senger Foto automatisch un eisem Gewënnspill deel, wou et kleng Präisser ze gewanne ginn.

Muss an der Nuecht gefuer ginn?
Et ass een fräi wini an wéi oft een sech op den Vëlo setzt, et muss eben just während deenen 24 Stonnen sënn. Opgepasst, Der fuert op eegen Verantwortung!

Firwaat als Team untrieden wann et keng Course ass?
Well et méi Spass mecht an d'Motivatioun méi grouss ass wann een fir engt Team fiert. Et kann een och zesummen fueren, et muss sech eben un déi gëllend sanitär Moossnamen gehale ginn.

Wou an wini gesäit een deen Livestream?
Iwert eis Facebook-Säit „24 Stonnen Vëlo Wëntger“, sou wéi op eisem Internetsite www.velo.wentger.lu, geleet von der Firma „Blue Light Event Productions“.

D'Auerzäiten ginn puer Deeg virum Event matgedeelt.

Waat gëtt an deene Livestreamen gewisen?
D'Livestreamen sënn do fir Eech ze motivéieren, fir Eech den aktuellen Kilometerstand matzedeelen, fir eventuell deen een oder anneren Vëlosfuerer bei sengem Start ze

begleeden, fir flott Video'en an Fotoen ze weisen an fir eisen Sponsoren von der Editioun 2019 nach eenmol Merci ze soen.

Wéieng Reegelen sënn anzehalen?

- Et muss sech un déi sanitär Mesuren gehale ginn, déi zu deem Zäitpunkt an deem Land wou een fiert, gëllen.
- Nik deel ze huelen wann een Symptomer vom Covid 19 opweist.
- Et muss sech un den Code de la Route gehale ginn.
- Et fiert een op eegen Gefor!
- Mer als Organisateur kënnen am Fall von engem Schued, egal op kierperlich, materiell oder rechtlich, nik verkloot ginn.
- Är Foto, sou wéi ären Numm mat ärem Resultat ginn spéider op eisem Facebook- an Instagram-Account, souwéi op eisem Internetsite publizéiert, ausser Der deelt eis beim raschécken mat, datt Der daat nik wëllt.
- Jidereen deen mat mecht, bestätigt d'Reglement gelies an akzeptéiert ze hon, dee Moment wou een sech fir dësen Event umëllt.

Dëst Joer nei:

- Mer stellen Samsdes **2 autofräi Strecken** zur Verfügung, déi sech deels iwerschneiden, wou een leng oder an der Famill/Équipe seng Kilometer foren kann. Eng von 4,3km an eng von 1,6km. Sie sënn +/- 2 km vom Wëntger Site fort (iwwer Wëntger, Béigen an Heesdrëf).

- **Eess- an Gedrénksstand** op der Streck.

- Den **Camping** zu Wëntger um Site kann dee ganzen Weekend genotzt ginn.

- D'**Duschen** sënn Samsdes um Site op.

- Een **Trëppeltour** von 9km fir déi wou léiwer zu Fouss ginn. Start **Samsdes um 09:30** zu Wëntger um Site. (D'Startgeld von 5€ ass integral fir den gudden Zweck)

- Samsdes owes ass **Bal** zu Wëntger um Site mam **DJ Al** (Late Night Bus).

D'letzt Joer war eis virtuell Editioun ee groussen Erfollig, mer konnten dank Eech 16.100€ spenden. Mer hoffen och rem dëst Joer op är Ënnerstëtzung an soen Eech lo schonn villmools MERCI!

Kontakt:

Handy Vëlo Wëntger: +352 621 166 551
Email: velo@wincrange.lu
Facebook: 24 Stonnen Vëlo Wëntger
Instagram: 24h_velo_wentger
Internet: www.velo.wentger.lu

Mat sportlichen Gréiss.
Vëlo Wëntger A.s.b.l.